piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

De 15ten Juni ass den internationalen Dag géint d'Mësshandele vun eelere Leit. D'Gewalt géint eeler Leit ass eng traureg gesellschaftlech Realitéit, déi souwuel physesch, psychesch, finanziell Gewalt wéi och Vernoléissegung ëmfaasse kann. Dës Form vu Gewalt ka souwuel an der Famill, an Institutiounen oder duerch Betreiungspersoune geschéien.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vu Gewalt géint eeler Leit goufen an de leschte 5 Joer (2020-2024) bei de kompetente Servicer gemellt?
2. Kann de Minister eng Opschlësselung no der Aart vun der Gewalt ginn (physesch, psychesch, finanziell, Vernoléissegung)?
3. Wéi vill vun dëse Fäll goufen zu enger juristescher Plainte gefouert?
4. Wéi vill Persounen iwwer 65 Joer hunn an dëser Zäit Hëllef bei spezialiséierte Servicer gesicht?
5. Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung geholl fir dës Problematik ze bekämpfen a bewosst ze maachen?
6. Gëtt et eng national Strategie fir d'Preventioun a Bekämpfung vun der Gewalt géint eeler Leit?
7. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Effektivitéit vun de aktuelle Schutzmoossnamen?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

8. Wéi vill Fäll vu Gewalt goufen an Alters-a Fleegeheemer gemellt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten